

CARLO JANSSEN

Präsidentschaft:
1994 bis 2001

vu Beruff:
Bauer

wunnt zu:
Näerden

Wat waren d'Schwéierpunkten am Laf vun dénger Présidentschaft?

Mir hunn op agrarpoliteschem Niveau versicht, eng Alternativ zu den dräi Gewerkschaften ze sinn. Dat ass äis och gelongen. Am Emweltberäich ass besonnesch eist Engagement am Biogas ervirzehiewen, wou mir der Landwirtschaft nei Diren opgemaach hunn. Ganz besonnesch louch äis d'Ausbildung um Häerz, wou mir vill dru geschafft hunn. Déi vun äis gefuerdert Meeschterkaart ass ufanks staark kritiséiert ginn, mee gëtt haut souguer vum Landwirtschaftsminister Fernand Boden ënnerstëtzt.

Wat huet d'Fonktioun als Präsident vun den JB & JW Dir perséinlech bruecht?

Ech sinn aus méngen Présidentejoren gestäerkt erausgaang an hu vill op mënschlechem Plang gewonn. Sou hunn ech geléiert d'Meenung vun anere Leit ze respektéieren an datt een mat séngem Entourage net de Mëttelpunkt vun der Welt ass. Déi Offenheet mecht mir haut am Liewen villes méi einfach. Och hunn ech erkannt wéi wichteg et ass, sech als Equipe ze engagéieren; et ass een da wesentlech méi staark a manner ufälleg fir Feeler.

An dëser Zäit hunn ech vill Frëndschaften geschloss, déi ech haut net mëssen wëll. Allerdings hunn ech och vill Kritik mussen astiechen well ech oft enger anerer Meenung sinn, wéi d'Majoritéit vun de Leit. Haut wees ech, datt ech mat villem net esou falsch luch a loosse mech net méi esou séier ënnerkréien.

Kënnen dénger Meenung no d'JB & JW och haut nach den d'Ziler an dem Geescht vun de Grënnungsmemberen gerecht ginn ?

Jo, et ass awer net einfach. Villes ass haut anescht wéi virun 75 Joer. Eis Zäit ass haut méi schnellliewig a méi iwwerflächlech. Fir eppes ze erreechen, muss een och haut nach Ausdauer a Gedold hunn. Oft ass et schwéier, sech no baussen ze " verkafen " wann ee kee groussen Tam-tam mëcht.

Bliwwen ass awer an all deene Joren, datt bei de JB & JW de Mensch am Mëttelpunkt steet. Ech mengen, datt dëst ganz dem Geescht vun de Grënnungsmemberen gerecht gëtt.

Wat fir ee Message wëlls du deene verantwortleche jonke Leit vun den JB & JW aus dénger Erfahrung mat op de Wee ginn?

Si sollen u sech gleewen a sech net vun zevill Kritik verréckt maache loossen. Si solle keng Angscht hunn eppes ze probéieren, wat op deen éischte Bléck riskéiert ass. Virun allem sollen si sech net an hierem Secteur verstoppen, mee op sinn fir d'Kollegen aus anere Beruffer a mat hinnen u neien Perspektiven schaffen.